CSV FRAKTIOUN

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2018

3796

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert den EU-Agrarbudget un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den EU-Budgetskommissär Günther Oettinger huet kierzlech den EU-Finanzplang fir den Zäitraum vun 2021 bis 2027 virgestallt.

Et ass geplangt, Finanzmëttel fir déi gemeinsam Agrarpolitik em 5% ze kierzen.

Wuelwëssend, dass déi europäesch Landwirtschaft ënner groussem Wettbewerbsdrock steet an déi lëtzebuerger Landwirtschaft nëmme bedéngt konkurrenzfäeg ass, wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister dës Froe stellen:

- Wei ass Positioun vun der lëtzebuerger Regierung zu der geplangter Kierzung am EU-Agrarbudget an huet si wëlles sech géint dës Kierzungen anzesetzen

- Am Fall wou et zu der Kierzung vu 5% vum EU-Agrarbudget sollt kommen , wéi eng Méiglechkeete besti fir lëtzebuerger Landwirtschaft zousätzlech ze ënnerstëtzen

- Wei eng vu dëse Méiglechkeete gedenkt Regierung an d'Aen ze faassen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Députéiert

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, 2
Référence: 319/18
A Nuss

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 3796 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen

Wei ass d'Positioun vun der lëtzebuerger Regierung zu der geplangter Kierzung am EU-Agrarbudget an huet si wëlles sech géint dës Kierzungen anzesetzen?

Ech wollt an dësem Kontext eng Kéier ënnersträichen dat d'Gemeinsam Agrarpolitik déi éischt gemeinsam Politik um Niveau vun der EU war. Si ass also am Prozess vun der europäescher Integratioun en ganz wichtegt Element gewiescht an ass dat och nach haut.

Och dowéinst hu mer eis, zesummen mat enger ganz grousser Majoritéit vun Memberstaaten am Agrarministerrot ëmmer fir en robusten Agrarbudget an der EU ausgesprach, den eisen héijen Ambitiounen an den villen Defien, déi op eis duerkommen, gerecht muss ginn, sief et am Beräich vum Ëmwelt- a Klimaschutz, mais och en Vue vun der Mondialisatioun, déi zu enger ëmmer méi ausgepräägter Volatilitéit op den Mäert féiert.

Am Laf vun der Zäit sinn an der Europapolitik aner Politikberäicher dobäi komm, ewéi d'Strukturentwécklung, sozial an territorial Kohesioun, Recherche, Erasmus, Life asw. Den Drock op de Budget an op seng Verdeelung ass méi grouss ginn. Den Undeel vum EU-Budget deen an d'GAP fléisst ass deemno erof gaangen, vun ronn 55% an der Period 1988-1992 bis op ronn 38% an der aktueller Finanzperiod.

Fir 2021 bis 2027 hëlt den Drock op den EU-Budget weider zou. Duerch den Brexit entsteet en Lach vun 12 Milliarden, den duerch frësch Suen mais och duerch Aspuerungen an der Agrar- an an der Kohesiounspolitik soll opgefaange ginn. Dobäi kommen nei Erausfuerderungen wéi Migratioun, Verdeedegung, Recherche an méi global Agenda'en wéi den UN-Agenda 2030 fir nohalteg Entwécklung. Dat heescht dat den Undeel vun der Agrarpolitik am proposéierten EU Budget op 28,5% erof geet. Insgesamt wär dat eng Baisse vun nominal 5%, 4% fir Direktzuelungen, den sougenannten éischten Pilier, an 10% fir den Développement rural, den zweeten Pilier vun der PAC.

Wéivill déi europäesch Gelder zeréck ginn gesinn mer eréischt wann d'Negociatiounen ofgeschloss sinn.

Mir wäerten eis wéi gesot dofir asetzen dat den EU Budget eisen Ambitioun gerecht gëtt an sinn, wéi och zum Beispill Däitschland, dofir bereet fir méi an d'EU ze bezuelen.

Am Fall wou et zu der Kierzung vu 5% vum EU-Agrarbudget sollt kommen, wéi eng Méiglechkeete besti fir lëtzebuerger Landwirtschaft zousätzlech ze ënnerstëtzen?

Wei eng vu dëse Méiglechkeete gedenkt Regierung an d'Aen ze faassen?

Mir hunn eis och dofir ausgeschwat, dat wann d'EU Gelder zeréck ginn, dat des Baisse vun den Memberstaaten kann opgefaange ginn.

Gemengt ass domadder den éischten Pilier an den zweeten Pilier.

Des Regierung wäert sech am Kader vun deenen kommenden Verhandlungen fir des Kompenséierung asetzen.

Et muss en wëssen, dat mer am zweeten Pilier elo schonn op all Euro den vun Bréissel kënnt, 4 Euro dropleeë. Déi Méiglechkeet wäerte mer an Zukunft och behalen an mir wäerten zu Bréissel fir eng maximal Flexibilitéit an dem Kontext plaidéieren.